Message vum Wirtschaftsminister Franz Fayot fir den Dag vun der Aarbecht

„Den 1te Mee dat ass d'Fest vun der Aarbecht. Et ass awer och traditionell DEN Dag vun de Gewerkschaften.

Si maachen sech um Dag vun der Aarbecht zu Recht fir d'Erhale vun de sozialen Acquise staark.

Vill fréier Fuerderunge vun de Gewerkschaften, a Punkto Aarbechtszäiten oder Congéen, sinn haut fir d'Patronen eng Selbstverständlechkeet !

E fragilt ekonomescht Ëmfeld, an di geopoliteschen Tensioune wéinst dem Krich an der Ukrain, bréngen haut Onsécherheete bei de Betriber a bei de Salariéë mat sech.

Matt den Tripartite-Mesüren hëllefe mir de Betriber, an och hire Salariéen di et am meeschte brauchen.

Mir hunn haut zu Lëtzebuerg déi niddregst Inflatioun an Europa.

Domat erhale mer d'Kafkraaft vun de Leit, a ginn och de Betriber Previsibilitéit bei der Entwécklung vun de Lounkäschten.

An dat ouni datt um Index gefréckelt, ouni datt den Index-System iwwerhaapt a Fro gestallt gouf. Eis Mesüre sinn am Dialog mat de Sozialpartner, zesumme mat hinnen, decidéiert ginn.

Op déi Solidaritéit sinn ech als sozialisteschen Ekonomiesminister besonnesch houfreg.

Op dee sozialen Zesummenhalt, kënne mir opbaue wann et drëms geet, fir Lëtzebuerg weider op d'Zukunft ze preparéieren.

Am Kontext vun der Klimakris musse mir eis Gesellschaft an eis Ekonomie ëmmer nach méi ëmweltfrëndlech a nohalteg maachen.

Och dobäi gëtt de Lëtzebuerger Sozialmodell nees gefuerdert. An ech sinn iwwerzeegt, datt mir deenen Erausfuerderungen zesumme gewuess sinn.

Den 1te Mee steet fir dës Solidaritéit ënnerteneen.

Vive den 1te Mee! Ech wënschen Iech alleguer e ganz schéinen Dag vun der Aarbecht !“